

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiers- an Infrastrukturminister weiderzeleeden.

Sou wéi et mir zougedroe gouf, gi bei Ponts et Chaussés net méi sämtlech Plaze vu Leit déi d'Pensioun huelen, nei besat.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Leit an de Joren 2000 bis 2021 bei Ponts et Chaussés an d'Pensioun gaange sinn, wéi vill vun deene Plazen nei ausgeschriwwen goufen a wéi vill da dovun konnte besat ginn? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, ënnert wéi engem Statut (Beamten, Employé public, Salarié) déi jeweileg Plaze funktionéiert hunn, respektiv funktionéieren?
- 2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Evolution vum regionale Verdeelungsschlëssel vum Personal bei Ponts et Chaussés iwwert d'Joren 2000 bis 2021 dokumentéiert?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten